

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.


Déi däitsch Restriktiounen wéinst der héijer Zuel un Neiinfektiounen zu Lëtzebuerg hunn hei am Land vill Reaktiounen mat sech bruecht. Mee anscheinend war et net méiglech, déi streng Handhabung, déi de Robert-Koch-Institut (RKI) ausgeschafft huet, fir eist Land ë bësse méi large ze interpretéieren. Duerfir wéilte mir der Regierung dës Froen zu deem Thema stellen:

1. Huet d'Regierung, am Kader vun der Plangung vum "Large Scale Testing" oder nodeems kloer ginn ass, datt mir d'Krittäre vum RKI net méi géingen erfëllen a géinge vun eisem wichtigste Wirtschaftspartner als Risikogebidd agestuuft ginn, Kontakt mat dem RKI opgeholl, fir eis Siicht op déi héij Zuel vu Neiinfektiounen ze erklären a wëssenschaftlech duerzeleeën?
2. Ass probéiert ginn an dauerndem an direktem Kontakt mam RKI de Suivi vun der Entwécklung vun de Lëtzebuenger Zuele vun Neiinfektiounen ze maachen?
3. Ass probéiert ginn e permanente Kontakt mam RKI op wëssenschaftlech Niveau, sief et duerch de Ministère oder z.B den LHI oder d'Universitéit hierzustellen?
4. Ass vläicht offréiert ginn fir eng Lëtzebuenger Delegatioun mat Wëssenschaftler bei den RKI ze schécken?
5. Ass dem RKI proposéiert ginn, sech un enger weltwäiter Raritéit, wéi dës landeswäit Testaktioun zu Lëtzebuerg eng ass, ze bedeelegen oder huet den däitschen Institut eng Invitatioun kritt, fir sech zu Lëtzebuerg iwwert de „Large Scale Testing“ ze informéieren?
6. Ass den RKI am Virfeld gefrot ginn, wat seng Positioun par rapport zu esou ëmfaassenden Tester ass, sief et fir Verbesserungsvirschléi ze maachen oder Kritik unzebréngen?
7. Sin de President vum RKI oder eng Delegatioun vum RKI op Lëtzebuerg invitéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten